N° 8350
Entrée le 26.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.09.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/09/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro N°8287 wollt ech wëssen, wéi d'lëtzebuerger Regierung zur sougenannter Chatcontroll steet. Déi europäesch Pläng zur Chatcontroll, déi an der Propose mam Titel "Regulatioun laying down rules to prevent and combat child sexual abuse" virkommen, sinn héich ëmstridden, well se d'Privatsphär vun all Mënsch am Internet ugräifen. Leider wosst d'Regierung zum Zäitpunkt vu menger éischter Fro nach net, wéi ee Minister fir Lëtzebuerg wäert um Vott deelhuelen a wéi gestëmmt wäert ginn.

Rezent ass elo awer e Protokoll geleakt ginn, an deem steet, dass Lëtzebuerg gesot hätt, dass am Regierungsrot vum 15.09 eng Positioun géif ausgeschafft ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Koum de Regierungsrot effektiv de 15.09 zesummen, fir sech mat der Fro vun der Chatcontroll ze befaassen?

2. Wéi eng Positioun vertrëtt d'Regierung aktuell an dësem Dossier?
   Ënnerstëtzt Lëtzebuerg déi aktuell EU-Propose oder gi konkret Ännerunge proposéiert?
   Falls jo, ëm wéi eng Ännerungen handelt et sech?

3. Weess d'Regierung mëttlerweil wéi ee Vertrieder fir Lëtzebuerg am Rot ofstëmme wäert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten